ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

De 5. September war de Grondschouldirekter vun der Regioun Suessem Invité vun der Redaktioun op RTL. Hien huet am Kontext vum Pilotprojet, deen a véier Gemengen am Land duerchgefouert gëtt an de Kanner d'Méiglechkeet gëtt, op Franséisch liesen a schreiwen ze léieren, preziséiert, dass fir d'Schüler, déi dëst Joer d'Alphabetiséierung op Franséisch ufänken, eng Plaz an enger internationaler Schoul garantéiert wier, wa si dat wënschen. Och wieren a senger Gemeng geziilt Eltere vum Léierpersonal ugeschwat ginn, ob si hir Kanner net wéilten op Franséisch alphabetiséiere loossen.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Geet den Här Minister dervun aus, datt et zu den Aufgabe vum Léierpersonal gehéiert, fir d'Kanner iwwer de Wee vun hiren Eltere fir eng bestëmmt Form vun Alphabetiséierung (an dësem Fall d'Alphabetiséierung op Franséisch) quasi ze "rekrutéieren"?
2) Ass den Här Minister der Meenung, datt d'Demarche, fir de Schüler, déi dëst Joer d'Alphabetiséierung op Franséisch ufänken, eng Plaz an enger internationaler Schoul ze garantéieren, wa si dat wënschen, net indirekt d'Segregatioun vun de Schüler hei am Land begënschtegt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup,
Deputéierten